



Den 1. Januar 2020 ass den

# DAMPMELDER

## obligatoresch ginn

De 19. November 2019 ass dat neit Gesetz zu der Dampmelderpflicht an der Chamber gestëmmt ginn. Dëst Gesetz ass den 1. Januar 2020 a Kraaft getrueden a bezitt sech op di obligatoresch Installatioun vun Dampmelder a Gebaier déi op mannst eng Wunneng enthalen.

Ab dem 1. Januar ass esou mat d'Ubréngung vun Dampmelder an Neibauten obligatoresch. D'Dampmelder müssen dann um Niveau vun Ausgänger an a Schlofkummeren ubruecht ginn. An 3 Joer wäert d'Dampmelderpflicht vir all Haushalt am Land gëllen.

### E PUER WICHTEG PUNKTEN

Firwaat sollt Dir esou een hunn ?

Wéi eng Gebaier ?

Wéini ?

Wien ?

Wéi eng Dampmelder ?

Wou ?

- Am Fall, wou sech Dampf entwéckelt, geet direkt den Alarm lass an Dir kënnt lech esou séier wéi méiglech a Sécherheet bréngen an d'Pompjeeën um 112 ruffen, grad an der Nuecht.

- D'Gesetz bezitt sech op all Gebaier di op mannst eng Wunneng enthalen.

- Sait dem 1. Januar 2020 gëllt d'Gesetz vir all Neibauten

- An 3 Joer gëllt d'Gesetz vir all d'Haushält am Land

- D'Installatioun fällt dem Proprietär oder dem Syndikat vun de Co-Proprietären zou

- Den Entretien fällt dem Bewunner vum Logement oder dem Syndikat vun den Co-Proprietären zou

- Den Dampmelder muss konform zu de Norme sinn an e muss mat dem CE Symbol gekennzeechent sinn

- Um Niveau vun Ausgänger

- An de Schlofkummeren

Weider Informatiounen - [www.rauchmelder.lu](http://www.rauchmelder.lu) • Aner Froen ? - [rauchmelder@cgd.lu](mailto:rauchmelder@cgd.lu)



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Intérieur

